

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. September 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

2019 ass d'Klimaprotestbeweegung "Fridays for Future" hei am Land fir d'éischt op d'Stroosse gaangen. Wärend der Corona-Pandemie 2020 ass net manifestéiert ginn. De Freideg, 24. September 2021, sinn d'Schüler awer erëm op d'Strooss gaangen. Wéi d'Initiativ Youth for Climate Luxembourg no enger Reunioun mam Educatiounsministère ugekënnegt hat, konnten d'Schüler ënner folgende Bedéngungen un der Demo deel huelen: Si hu missen een "formulaire de demande de dispense" ënnerschreien oder, wat mannerjäreg Schüler ugeet, vun hiren Elteren ënnerschreie loossen an dëse Formulaire bis de Freideg, 24. September, um 9 Auer an de Schoulbüro schécken. No der zweeter Lektioon hunn d'Schüler kënnen den Unterrecht verloossen.

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Wéi vill Schüler an de verschidde Lycéeë vum Land hu sech de 24. September am Kader vun der Manifestatioun géint déi aktuell Klimapolitik ofgemellt an deem Dag no der éischter Stonn gefeelt?
- 2) Wéi vill Schüler hunn déi mentionéiert Frist net agehalen a goufen als "non excusé(e)" ageschriwwen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten

